ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Leider stellt sech a ville ländleche Géigende vun eisem Land ëmmer méi de Problem duer, datt vill Leit hiren Auto laanscht vill befuerene Stroossen ofstellen, fir vun do aus mam ëffentlechen Transport – oder duerch Covoiturage – op hir Schaff ze kommen. Ee vu ville Beispiller ass ronderëm d'Schweebecher Bréck, wou d'Situatioun besonnesch ugespaant ass: Autoen déi no un der Strooss stinn, stellen en allgemenge Sécherheetsproblem duer, besonnesch fir gréisser Gefierer ewéi Trakteren, déi jo am ländleche Raum net ewech ze denke sinn. Et ass denken ech e kollektiivt Uleies, fir dës geféierlech Ëmstänn ze behiewen, fir datt keng uerg Accidenter passéieren. Eng vun de Méiglechkeeten, déi sech ubidden, wär, datt vu staatlecher Säit op ausgewisenen Terraine Park&Ride-Plaze geschafe ginn, och a besonnesch am ländleche Raum.

An deem Kontext géif ech dem Här Mobilitéitsminister gär folgend Froe stellen:

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt ausgewise Park&Ride-Plazen e wichtege Léisungsusaz fir deen uewe genannte Problem duerstellen?
2. Ginn aktuell Etüde gemaach, wou zu Lëtzebuerg iwwerall Park&Ride-Plazen entstoe kënnen?
3. Wa jo, kann den Här Minister eng Oplëschtung ginn, wou am Land esou Projeten aktuell an der Planungsphas sinn an a wat fir engem zäitleche Kader mat der Ëmsetzung vun deene jeeweilege Park&Ride-Plaze gerechent ka ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten